N°996
Entrée le 12.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An der Fro n°855 hu mer eis fir d'Schlofhändler interesséiert. Dat si Wunnengsproprietairen, déi op Profitt vun de Locatairen Wunnenge verlounen, déi ënnert aller Klarinette sinn. Hei zu Lëtzebuerg ass dee Sujet oft bei Kaffiszëmmeren een Thema, wou kleng Räim fir vill Geld u finanziell méi schlecht gestallte Persounen verlount ginn, déi um Wunnengsmaart keng, oder wéineg, gutt aner Alternativen hunn.

Een Artikel am *L'essentiel* vum 4te Januar 2024 schreift heizou:

> *Trente-six nouvelles affaires et seulement cinq condamnations entre 2013 et fin 2022. Voici, selon le parquet, le bilan des poursuites, ces dix dernières années au Luxembourg, contre des propriétaires, en raison d'infractions aux règles de salubrité, de sécurité, d'habitabilité des logements. […] Trop de locataires se mureraient donc dans le silence ou ne seraient pas entendus…*

An der Äntwert op d'Fro n°855 schreiwen d'Ministeren, dass si keng Statistiken hunn betreffend dem Gesetz vum 20ten Dezemeber 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass z'erklären, dass am uewe genanntenen Artikel vum*L'essentiel* de Parquet Zuele liwwert, mee d'Regierung op d'parlamentaresch Fro n°855 keng Statistiken zu de Condamnatiounen betreffend dem Artikel 7 vum Gesetz liwwere kann?

2. Wéi *L'essenti*el richteg schreift:

   > *Trop de locataires se mureraient donc dans le silence ou ne seraient pas entendus…*

   Oft ass et esou, dass Locatairen mat wéineg finanzielle Mëttelen näischt géint Abus'en ënnerhuelen, well se riskéieren, dass se vum Proprietaire virun d'Dier geheit ginn. Déi Locatairen denoncéieren Mëssstänn dann och net. Wéi steet dës Regierung dozou, fir esou Locatairen, déi u

sech Whistlebloweren sinn, eng Zort Noutwunnengen zur Verfügung ze stellen, wa si Schlofhändler denoncéieren (ähnlech wéi et gemaach gëtt bei Affer vu Gewalt)?

3. *D'Regierung plangt den interministeriellen Aarbechtsgrupp iwwer d'Salubritéits- an Secherheetscritèren vun de Wunnengen ze réaktivéieren, wou niewent de concernéierte Ministèren och déi grouss Gemengen an de Syvicol vertruede sinn, fir zesummen eng Revisioun vun der aktueller Gesetzgebung an dëser Matière ze envisagéieren.*

- Wéini wäert dësen Aarbechtsgrupp seng éischt Reunioun hunn an d'Aarbechten ufänken?
- Wéini sollen d'Aarbechten fäerdeg sinn?
- Wäerten d'Konklusiounen vun dësem Aarbechtsgrupp ëffentlech presentéiert ginn?
- Kritt d'Deputéiertechamber d'Konklusioune vum Aarbechtsgrupp vun den zoustännege Ministeren virgeluecht a falls jo, wéini?
- Wäert dësen Aarbechtsgrupp Statistiken zesummendroen betreffend
  - der Unzuel un Zëmmeren, déi uechtert d'Land verlount sinn am Kader vum Gesetz?
  - wéi vill Persounen an deenen Zëmmere liewen?
  - wéi vill Kontrollen an de leschten 3 Joer duerchgefouert goufen?
  - wéi vill Plainten bei de Police a Justiz agaange sinn?
  - wéi vill Mol den Artikel 7 vum uewe genannte Gesetz applizéiert gouf?
  - wéi vill Affairen ad acta geluecht goufen?

Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten